CITIZEN

LIESERINNEBREIF

En Owend am Tempel zu Luxorr

Sandra Schmit

Den Donneschde vun der virrechter Woch war eng Konferenz iwwert d'Autorerechter an der Chambre des Métiers. Déi Veranstaltung huet d'Autorin vun dësem Bréif duebel interesséiert, well souwuel als Schrëftstellerin wéi och als Literaturwëssenschaftlerin ass et gutt ze wëssen, wéi de Copyright zu Lëtzebuerg am Detail geregelt ass.

Dat Ganzt war organiséiert vu Luxinnovation, a geschwat hunn zwee Vertrieder vun der Autorerechtergestiounsfirma Luxorr. Ech war e bësschen erstaunt iwwert de Publique: ausser mir war just eng Schrëftstellerin am Sall, déi ech kannt hunn, an och vun den Editeuren hat sech kee gewisen. Och d'Bibliothéike ware wéineg vertrueden. Stattdesse souze vill gewichteg Hären do, vun denen ech mech gefrot hunn, wat hiere Bezuch zur Konscht wier. Dat sollt ech am Laf vum Owend nach gewuer ginn.

Als éischt huet de President vu Luxorr, de Jean-Luc Putz, d'Wuert ergraff. Hien huet laang a breet erklärt, wourop et Autorerechter ginn: Op alles, wat kreativ produzéiert gëtt an net reng funktionell ass, sief et en Text, e Bild, eng Melodie oder souguer e Geroch. Dat kann e Logo sinn, en Text an engem Firmebliedchen oder d'Kommiounsfoto, déi d'Hobbyfotografin fir hier Nopesch gemaach huet. Leschten Enn alles, dat e Fonke Kreativitéit opweist. A wien huet d'Rechter op all dëse Saachen? Automatesch d'Auteuren, dat heescht de Graphiker, deen d'Iddi fir de Logo hat, d'Sekretärin, déi den Text geschriwwen huet an d'Nopesch mam Fotoapparat.

Géint e bescheident Schutzgeld vu 25 Euro suergt Luxorr dofir, datt kee Rechter klaut, déi en net huet.

Als nächst koum e wichtege Punkt: wéi huele mer denen Auteuren dann elo hier Rechter ewech? Den Här Putz huet bedauert, datt a bal kengem Aarbechtsvertrag steet, datt en Employé seng Rechter un alle méigleche Wierker, déi en an der Firma schaaft, direkt u säi Chef oftrëtt. En huet



d'Leit am Sall dozou opgeruff, sech duerch Klauselen d'Autorerechter ze sécheren. Net datt op eng Kéier nach en Aarbechter kéim, dee seng kreativ Aarbecht fir sech wéilt. Vu datt den Här Putz ganz laang dorop insistéiert huet, huelen ech un, datt am Sall virun allem Patronen souzen, déi en Intérêt un dëse Saachen hunn.

Dono ass erklärt ginn, wéi een déi Rechter, déi ee sech ënnert den Nol gerappt huet, a Geld verwandele kann. Bis elo hat ech a menger Naivitéit geduecht, meng Nopesch wier mat engem Pak Knippercher zefridden, an d'Kommiounsfotoë géingen dono mir gehéieren. Net, wann den Här Putz Geleeënheet kritt, meng Nopesch opzeklären: Souguer wann ech bezuelt hunn, behält si hier Rechter, an ech däerf meng Fotoen nëmmen am engste Frëndeskrees weisen. Wann ech se op meng Homepage héichlueden oder fir aner Leit Kopië maache wëll, muss ech meng Nopesch froen, ob si domat averstan ass. An natierlech dofir blechen. An net nëmmen eng Këscht Knippercher. Dat gëtt richteg deier. Luxorr huet do eng Tabell opgestallt: Déi bëllegst Kopie kascht 3,05 cent! Hm, a wéi bezuelt een den zwanzegstel Cent? Gëtt dat ofgeronnt?

Kee Problem, berouegt eis de Romain Jeblick, senges Zeechens Secretaire vu Luxorr. Mir mussen eis guer net do drëm këmmeren. Luxorr iwwerhëllt jo d'Gestioun vun eise Rechter! Géint e bescheident Schutzgeld vu 25 Euro suergt Luxorr dofir, datt kee Rechter klaut, déi en net huet: d'Nopesch mam Fotoapparat däerf genau sou bezuelen wéi déi grouss Firma, déi sech hier Rechter jo virdru schwéier bei hieren Aarbechter erkämpft huet. Mir all si Produzente vu kreative Wierker an iergendengem Sënn, also gi mer am beschten alleguer Member bei Luxorr!

Da si mer all geschützt. Kee kann eis Rechter méi klauen. Wien eng Kopie maache wëllt, a wier et nëmme firmenintern, muss blechen. U wien? Ma u Luxorr. Mee eppes verstinn ech net: Muss dann elo all Kopie, déi an all Firma zu Lëtzebuerg gemaach gëtt, opgeschriwwe ginn, fir datt ee weess, wiem wéivill Geld zousteet? Ma nee, erklärt den Här Jeblick, nach ier ech déi Fro stelle kann: all Firma kann (oder besser gesot, muss, wa se legal wëllt sinn) e Package kafen a pauschal blechen. Da kritt een eng Lizenz, déi beweist, datt ee keng Kopie-Piraterie bedreift.

A wouhier weess Luxorr, u wie si dat villt Geld muss weiderginn? Well Luxorr behält dat jo net fir sech, si si jo eng „association à but non lucratif" a maachen dat also ganz oneegennëtzeg am Interêt vun de Kënschtler. Wéivill Auteuren vertrëtt Luxorr eigentlech? Op de Slides stung eppes vun zéngdausende vun Auteuren, dat ass impressionant ...

Leider kommen ech net derzou, dës Froen ze stellen, well elo ass den Informatiounsowend eriwwer. Zwee, dräi Leit däerfen eppes froen, mee déi aner, déi brav de Fanger ausstrecken, kommen net méi un den Tour, well „keng Zäit méi ass". Sorry, dat dauert soss ze laang. Aha.

Ech trëppelen also brav no vir, well ech denke mer, datt déi nett Häre vun Luxorr dach ganz bestëmmt uspriechbar sinn. Ech froen den Här Putz, wéivill Leit da bei hinne Member sinn. Nodeems ech dës Fro persistent véier Mol stellen, kréien ech endlech als Äntwert „ëmt déi 80", inklusiv Firmen a Press. Dat ass awer wäit vun 10.000 ewech, oder net? Anscheinend sinn dat 10.000 potenziell Auteuren. Aha, ech verstinn.

Als nächst géing ech gäer wëssen, ob si dann nëmme Geld asammele vu Kopien, déi hier Membere betreffen. Ah nee, dat gëtt pauschal gemaach, dat anert ass jo net machbar. Eben. A wie kritt dat Geld? Selbstverständlech d'Auteuren, wa se Member sinn. An déi, déi net Member sinn, déi ausländnesch Auteuren zum Beispill, déi an eisem klenge Ländchen d'Majoritéit vun de kopéierte Bicher ausmaachen? Wie kritt dat Geld vun hiere Kopien? Den Här Putz fänkt un, ongedëlleg ze ginn. Vläicht stellen ech och einfach nëmmen zevill domm Froen. Mee et interesséiert mech, ech wëll dat elo verstoen. Den Här Putz kritt nëmmen nach „Dat ass Gesetz!" eraus. Wat e komescht Gesetz, dat enger Asbl sou e Geldandreiwen erlaabt. Wie kritt dat Geld, Här Putz? Ass iwwerhaapt scho Geld erakomm? Jo, et si scho Lizenze verkaaft ginn. Et wëllt jo keen eppes illegales maachen. An ass dann och scho Geld ausbezuelt ginn? Den Här Putz erklärt, datt dat bis zu zéng Joer dauere kann. Aha.

Wie mécht dann elo Geld mat däer Saach do? Eis engagéiert, fräiberufflech Schrëftsteller? Meng Nopesch mam Fotoapparat? Oder vläicht e ganz aneren?

D'Auteure mussen also Memberskaarte bezuelen, fir hier Rechter geltend ze maachen. Bis elo war dat dach gratis! Wien net der Luxorr bäitrëtt, deem seng Rechter gi wuel fleeten, well d'Firmë jo scho pauschal u Luxorr bezuelen, a sécher net nach eng Kéier dem Auteur eppes bezuele wëllen. An iergendwann, an zéng Joer oder sou, kritt dann een Auteur säi Geld. Mee Luxorr weess jo guer net, vu welchem Auteur wéivill Kopie gemaach gi sinn! Kritt eng Firma, vun däer hierer Broschür genau eng Säit kopéiert gëtt, genee sou vill Goss wéi de bekannte Schrëftsteller, dem säi Buch all gudden Dag konsultéiert gëtt? Dat wier jo awer ongerecht, oder net? Dat géing jo eise Schrëftsteller guer net hëllefen, mee héchstens de grousse Firmen, déi dann souwuel als Producteur wéi och als Utilisateur u Luxorr bezuelen! An déi ginn hier Käschten natierlech un d'Clienten, also un eis all, inklusiv d'Lëtzebuerger Schrëftsteller, weider. Oder net, Här Putz? Mee dorops huet den Här Putz keng Äntwert.

Wie mécht dann elo Geld mat däer Saach do? Eis engagéiert, fräiberufflech Schrëftsteller? Meng Nopesch mam Fotoapparat? Oder vläicht e ganz aneren? Ech hu mer déi Fro selwer beäntwert, deen Owend, am Tempel vu Luxorr.